Méinden, den 12 Dezember 2022

Pressematdeelung:

# Eng Opwäertung vum Handwierk gesäit anescht aus

De Marc Hansen huet houfreg de neien Gehälteraccord vun der Fonction publique an de Medien präsentéiert, et ass gesoot ginn et wäer historesch dat de Meeschter elo valoriséiert ginn ass, awer nëmmen am Enseignement déi aner Handwierker beim Staat net wuelverstannen! Schéin ass et vun der Regierung an der CGFP datt et hinnen agefall ass datt d'Handwierk valoriséierert gi muss. Mee des Mossnahm fir de Meeschteren just am Enseignement 15 Punkten an dem Salaire béi ze ginn ass déi falsch, do mussen aner Saachen geschéien fir d'Handwierk ze valoriséieren! Déi Jonk kommen doduerch, datt de Marc Hansen sou gnädech war an de Meeschteren am Enseignement 15 Punkten dabéi geet, net an d'Handwierk! Wat muss dann elo wierklech geschéien? Well et geet hei em déi Jonk, déi mir am Handwierk brauchen!

Als éischt mussen Diplomer aus dem Handwierk/Beruffsausbildung opgewäert ginn, a wat hescht dat:

De Meeschter muss de Niveau 6/Bachelor wäert ginn an den DAP muss eng 1ière wäert ginn, dat ass mol den Ufang. Den DAP muss em e Joer verlängert ginn, de Bewäertungssystem vun der Beruffsausbildung muss op de Lescht geholl ginn an d'Programmer mussen adaptéiert ginn.

An wann e méi Meeschteren an den Enseignement wëll dann kann ee net mat 15 Punkten kommen. Jo et brauch en se well soss kommen keng nei Handwierker no, Si sinn et déi eis Jonk ausbilden a forméieren! Och wäer et ze begréissen wann d'Meeschteren op Schlësselpositiounen wäeren wann et em d'Handwierk geet, well Si hunn d'Erfahrung déi néideg ass.

Mir sinn eis secher dat d'Regierung als nächst Schrëtt Diplomer opwäert, d'Politik huet och erkannt dat et annescht net méiglech ass. Well all d'Leit aus der Beruffsausbildung/Handwierk hunn d'Valorisatioun verdéngt, Si sinn et déi de System um lafen halen, d'Mobilitéit, d'Wunnen, d'Iessen.

Losse mer ons iwwerraschen wéi eis Politiker lo Stärkt weisen, affaire à suivre.

***Adresse postale:***

AMELUX a.s.b.l
c/o Peiffer Serge
8, rue des modeleurs L-3589 Dudelange

**Tél :** (+352) 691635785
**Courriel** : info@amelux.lu
***www.amelux.lu***